N°4563
Entrée le 01.09.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère du Logement et de
l'Aménagement du territoire

Le Ministre

**Äntwert vum Minister fir Wunnengsbau a Landesplanung, Här Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro n°4563 vum 3. August 2026 vum éierbaren Deputéierten Mars Di Bartolomeo betreffend d'"Délais de traitement des aides au logement".**

1. **Ass et normal, datt Demanden, di Mëtt 2025 fir d'Hëllefe beim Kaf vun engem Eegenheem agereecht goufe, bis Ënn Juli 2026 nach net definitiv accordéiert sinn an esou nach keng Hëllefe gefloss sinn? Ass de Minister der Meenung, datt et sënnvoll ass, datt déi Betraffen déi Sue musse virstrecken?**

Wat d'Bäihëllefe fir d'Kafen (oder de Bau) vun enger Wunneng ugeet muss ee bedenken, dass et sech hei ëm e Projet handelt bei deem eng Rei Acteuren agebonne sinn. Sou muss den Demandeur zum Beispill di néideg Demarche beim jeeweilege Promoteur (oder Immobilienagence), senger Bank an och beim Notaire maachen, fir de Projet ze realiséieren.

De Service vun de Wunnengsbäihëllefe gëtt de Bierger d'Méiglechkeet d'Demandë fir di verschidde Bäihëllefen och schonn am Ufank vum Projet ze deposéieren, also ier di verschidden Etappe vum Projet realiséiert sinn.

Dozou kënnt dann, dass eng Haaptkonditioun vun de Bäihëllefe fir de Kaf vun enger Wunneng ass, dass den Demandeur net Proprietaire vun enger anerer Wunneng dierf sinn.

Oft dauert et allerdéngs bis den Demandeur seng virescht Wunneng verkeeft, well en nach dovunner Proprietaire bleift bis en an déi nei Wunneng kann eraplënneren.

Eréischt dono ka séchergestallt ginn dass all d'Konditioune vun de gefrote Bäihëllefe respektéiert sinn. Di reell Beaarbechtungsdauer gëtt deemno duerch di verschidden Etappe vum Projet staark beaflosst.

2. **Ass et normal, datt ee Joer nom Areeche vun enger Demande en Acte de naissance gefrot gëtt vun dem bis do keng Ried war?**

3. **Wier et net normal, datt eng Demande schnell op hir Vollstännegkeet gepréift géif ginn a net steckerchersweis nei Beleeger géife gefrot ginn?**

D'Demandë fir déi individuell Wunnengsbäihëllefe gi beim Erareechen op hier Vollstännegkeet iwwerpréift. Unhand vun den Informatiounen déi dem kompetente Service dee Moment zur Verfügung sti ginn dann eventuell zousätzlech néideg Dokumenter beim Demandeur nogefrot.

Et kënnt dann och vir, dass de Service eréischt duerch déi nei eragereechten Dokumenter Kenntnis kritt vun neien Elementer, woufir dann erëm nei Piècë fir d'Verschaffe vum Dossier gebraucht ginn.

4. **Wéi laang sinn an der Tëschenzäit d'Delaien tëscht Areeche vun enger Demande an dem Ausbezuelen vun den Hëllefen?**

Wat dës Fro ugeet wëll ech den Här Deputéierten op meng Äntwert vum 2. Mäerz 2026 op di parlamentaresch Fro Nummer 3554 verweisen, déi am Detail d'Beaarbechtungszäite vun de verschiddene Wunnengsbäihëllefe behandelt.

Lëtzebuerg, den 31. August 2026

De Minister fir Wunnengsbau
a Landesplanung

(s.) Claude Meisch